N° 7106
Entrée le 14.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7106 vum 2. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel**

Wéi de wëchentlechen ReViLUX Rapport, deen vum Laboratoire national de Santé (LNS) publizéiert gëtt, dokumentéiert zirkuléieren aktuell nëmmen Omicron Varianten vum SARS-CoV-2 Virus. Zu Lëtzebuerg sinn dat haaptsächlech d'Sous-Varianten Omicron BA.5 (77% an der Kalennerwoch 42), den Omicron BQ.1 (13%, woubäi den BQ.1.1, deen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, eng weider Sous-Variante vun der Sous-Variante BQ.1 vum Omicron ass), gefollegt vum Omicron BA.4 (mat 6.5%). All aner Sous-Varianten si ganz rare. De Fait, dass mir dësen BQ.1 säit elo 7 Wochen schonns zu Lëtzebuerg isoléieren, an en trotzdeem elo eréischt 13% ausmécht déit net drop hin, dass en däitlech méi transmissible ass, och wann domat ze rechnen ass dass en progressiv dominant wäert ginn. Am Ganzen goufen bis elo 242 Infektiounen mat BQ.1 zu Lëtzebuerg identifizéiert.





*Figure 6. Distribution of lineages within the representative sample during the last 10 weeks.*

(extrait vum Rapport ReViLUX vun der Kalennerwoch 42, ReViLux - Week 42/2022 - LNS)

Lëtzebuerg, den 14. November 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert